

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

Alstad news

24/2017

Léif Frënn vum Comité Alstad!

Dëst Joer ass e besonnescht Joer fir onse klenge Verein!

Mir feieren 80 Joer! 1937 hunn e puer jonk Alstadter ëm de Lambert Schaus an de Georges Schmitt d' Initiativ geholl, fir der gudder aler Éimaischen erëm op méi stabil Féiss ze hëllefen.

Zesumme mat der Stad hunn si eng Kommissioun op d'Bee gestallt, aus där lues a lues de Comité Alstad an senger Form vun haut gewuess ass.

Deen Anniversaire wëlle mer feieren: mir organiséieren de 5. Oktober am Conservatoire e Concert zu Éiere vun onse Grënner a vun onsem Éieremember, dem Ed Legille, deen 1997, am Kader vun onsem 60ste Gebuertsdag, déi grouss Ausstellung iwwert déi Stater Handwierkskorporatiounen am Ancien Régime opgebaut hat.

Mee wéi all Joër kommen och ons traditionnell Aktivitéiten net ze kuerz.

De 17. Abrëll op der Éimaische gëtt et erëm e Péckvillchen, deen dëst Joer zu Nouspelt fir ons gebak gëtt. Den 2. Dicks-Teller kënnt eraus, a fir de 500ste Gebuertsdag vum Grof a Gouverneur Mansfeld, e Plateau mat enger Vue vum Mansfeldsschlass a Clausen no engem Tableau aus dem Stater Musée.

Dir fannt weider an dëser Nummer den Détail vun onsen Objeten.

Mir vergiessen awer no 80 Joer net, all deene Merci ze soen, déi ons ënnerstëtzt hunn: den Autoritéite vun der Stad a vum Kulturministère, deene ville Frënn, déi am Comité selwer gehollef hunn, an och lech alleguer, déi der Freed mat onsen Initiativen hat. E besonnesche Merci geet dëst Joer awer och u Paul Wurth an un d'Raiffeisebank, déi de Concert vum 5. Oktober an d'Émissioun vum Mansfeldteller méiglech gemaach hunn.

Bis geschwënn op der Éimaischen, de 17. Abrëll um Fëschmaart!

Äre Comité Alstad

Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prëssessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

Comité Alstad a.s.b.l.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945
Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88
Fax : (352) 40 97 50
E-mail : comite.alstad@pt.lu
www.comitealstad.lu

BCEE : IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
Post Luxembourg : IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
BGL BNP PARIBAS: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000
Banque Raiffeisen; IBAN LU77 0099 7800 0057 7023

Péckvillchen 2017

2007 gouf et den éischte Péckvillche vum Comité Alstad, deen onse Member Serge Di Paoli entworf hat. E gouf an der Keramikfabrik zu Esch réaliséiert. An elo 10 Joer méi spéit, a fir den 80. Gebuertsdag vum Comité Alstad, huet de Serge Di Paoli erëm e flotte Péckvillchen entworf. Awer wat dëst Joer nei ass: de Péckvillchen 2017 gouf vun zwee Nouspelter Aulebäcker, dem Pauline Godfroid an dem Laurent Kandel réaliséiert. – Eng flott Zesummenaarbecht tëschent deenen zwou Éimaisercher vum Fëschmaart a vun Nouspelt!

Bestelle kann een de Péckvillchen 2017 vun elo u bis den 12. Abrëll 2017 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun 30 € d' Stéck op ee vun onse Konte mam Vermierk: Péckvillchen 2017. Op der éischter Säit vun dësen Alstad-News fannt dir ons Bankverbindungen.

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg, de 17. Abrëll 2017 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2017 just an enger ganz klenger Oplo vun nëmmen 100 Stéck produzéiert gouf, nummeréiert ass, a mat engem signéierten Zertfikat vum Artiste. Mir wënschen Iech vill Freed mat dem 10. Péckvillche vum Comité Alstad. An et sief nach drop higewisen, datt den Nettoerléis fir 'a.s.b.l Autisme Luxembourg ass.

Zweete Plateau Dicks -
« Mei Freier ass e Schuechtegféer! »

Dat lescht Joer hu mer am Kader vum 125. Joeresdag vum Doud vun onsem Nationaldichter Edmond de la Fontaine, dem Dicks, mat engem flotten Dicks-Owend am Kapuzinertheater un hien erënnert. An op der Éimaischen 2016 hu mer Iech den 1. Plateau „Mir zwee, mir sollten ons bestueden!" (aus der Mumm Séiss) ugebueden.

Elo fir 2017, wat jo och den 80. Joeresdag vun der Grënnung vum Comité Alstad ass, bidde mer Iech den zweete Plateau „Mei Freier ass e Schuechtegféer!" (aus der Operette De Scholdschäin) un, gezeechent vum Joseph Probst.

Et ass e grousse Plateau fir ze gebrauchen: als Teller fir ons gudd Lëtzebuerger Spézialitéiten, Ënnerteller oder einfach als Dékorteller an der Vitrine oder un der Mauer.

De leschten Teller „Juchhei! Ech sinn de blannen Theis" no engem Gedicht vum „Dicks", ass da fir dat nächst Joer.

Bestelle kann een de Plateau (30 cm Duerchmiesser) duerch Iwwerweise vu 25 € op ee vun de Konte vum Comité Alstad mam Vermierk: Plateau Dicks II. **(Kontosnummere fannt dir op der éischter Säit)**

Mir wëllen awer och drop opmierksam man, datt den 1. Plateau ("Mir zwee mir sollten ons bestueden!") nach ze kréien ass, duerch Iwwerweise vu 25 € d' Stéck mam Vermierk Plateau Dicks 1

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plateau Ouschterméindeg, de 17. Abrëll 2017 op der Éimaischen

um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 18. Abrëll bis den 25. Abrëll 2017 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.

1517-2017 500. Gebuertsdag vum Grof Péiter Ernest I. vu Mansfeld

De Péiter Ernest I. vu Mansfeld-Vorderort, gebuer den 12. August 1517 am Schlass Heldrungen bannent der Festung mam selwechten Numm a Sachsen (Mansfelder Land), a gestuerwen den 23. Mee 1604 a Clausen, war Feldmarschall an der spuenescher Arméi a Gouverneur vun der spuenescher Kroun an den Niederlanden, zu Bréissel an zu Lëtzebuerg.

De Mansfeld war dat 13. Kand vum Ernest II. vu Mansfeld-Vorderort an deem senger zweeter Fra Dorothea Gräfin vu Solms. Hie koum mat 14 Joer un den éisträichesche Kinnekshaff, deen e 4 Joer drop verlooss huet, fir mam Keeser Karel V. un der Befreiung vun Tunis deelzehuelen. Hie gouf Gouverneur vun der spuenescher Kroun zu Lëtzebuerg (1545-1604), an den Niederlanden (1590-1594) an zu Bréissel (1566).

1572 huet hien an der Stad Lëtzebuerg en neit Stadhaus, als Sëtz vum Gouverneur, baue gelooss, wat haut de Groussherzogleche Palais ass.

De 4. Mäerz 1594 huet de Keeser Rudolf II. hien zum Reichsfürst vum Hellege Réimesche Räich vun Däitscher Natioun ernannt. De Mansfeld huet sech 1597, mat 80 Joer vun allen ëffentlechen Ämter zréckgezunn, an ass den 23. Mee 1604 a Clausen gestuerwen.

Fir den 500. Gebuertsdag vum Grof Mansfeld bidd iech de Comité Alstad an Zesummenarbecht mat der Raiffeisebank e rechteckege Plateau (33 x 23 cm) u mat enger Vue vum Mansfeldschlass a Clausen. Et ass eng Vue vum Schlass vu 1656, déi dem Moler Joachim Laukens zou erkannt gëtt aus dem Stater Geschichtsmusée.

Bestelle kann een dee Plateau vun elo u bis den 10. Abrëll 2017 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun 30 € pro Plateau op de Kont bei der Raiffeisebank IBAN LU77 0099 7800 0057 7023 mam Vermierk « Plateau Mansfeld »

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plateau Ouschterméindeg, de 17. Abrëll 2017 op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad, vu mueres 08:00 bis 12:00 Auer.

De Bénéfice vun dëser Vente ass fir d'Crèche um Plateau Aalmënster

Et sief nach bemiekt, datt de Plateau an enger begrenzter Zuel erauskënnt, an engem schéine Karton ass, mat engem Zertifikat, an engem Text vun der Historikerin a Member vum Comité Alstad, dem Isabelle Yegles-Becker mam Titel "La patrimonialisation du site historique du château La Fontaine à Clausen". De Comité Alstad an d'Raiffeisebank wënschen Iech vill Freed mat Ärem Plateau Mansfeld.

!! Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d'Méiglechkeet, seng Bestellungen an onsem Büro op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 18. Abrëll bis de 25. Abrëll 2017 ofzehuelen, mueres vun 09:00 – 12:00 Auer. !!

HEI ONS LESCHT NEIEGKEETE FIR DÉI KOMMEND OUSCHTERDEEG

16. Abrëll 2017

(Ouschtersonndeg)

Um 11:30 Auer gëtt zu Dominikaner (Sankt Méchel) eng Mëss mat Uergel gehal fir déi verstuerwe Membere vum Comité Alstad an zu Éiere vum hl. Theobaldus, dem Patréiner vun den Aulebäcker, déi hei, op Ouschterméindeg dat Fest besonnesch gefeiert hunn. D'Mëss gëtt gesongen vum Méchelschouer ënnert der Direktioun vun hirem Dirigent Gerry Welter.

Nieft dem MÉCHELSCHOUER ass och de Chouer « VACHŮV SBOR MORAVSKÝCH UČITELEK » (Le Chœur des enseignantes moraves de Ferdinand Vach, aus Tschechien), ënnert der Direktioun vun der Madame Martina Kirová derbei, e Chouer, deen am Joer 2012 sein 100. Gebuertsdag gefeiert huet.

Programm :

Jiri Laburda – Beata Dei genitrix

(NO DER ÉISCHTER LIESUNG)

Jiri Laburda – Ecce sacerdos magnus

(NO DER OPFERUNG)

Mary Lynn Lightfoot - Et in terra pax

(NO DER KOMMUNIOUN)

17. Abrëll 2017

(Ouschterméindeg, déi 190. Éimaischen um Fëschmaart)

En Ensembel vu Lëtzebuerger Folklorgruppen « UUCHT-LA VEILLÉE, LA RONDE BEETEBUERG A VALLÉE DES SEPT CHÂTEAUX » erfreet ons vun halwer 10 bis 10, a vun 20 op 10 bis 10 vir 11 mat Lëtzebuerger Volleksdänz.

An de Pausen dertëscht trëtt déi belsch Grupp vu Wilryck op. Heibei handelt et sech em de Vlaamse Volkskunstgroep DE KEGELAAR VAN WILRYCK op Besuch bei der Lidderuucht-Lëtzebuerg. Géint 11 Auer ass dann e Concert mat der Lidderuucht Lëtzebuerg.

Mir hunn och erëm en ale Brauch ausgegruewen, an zwar «Eeërschëllen », dat 1982 fir d'lescht vun de Kanner gespillt gouf. «Eeërschëllen » ass Erofrulleloosse vun Eeër iwwer eng Holzschinn. Huet een da mat sengem Ee eent vun deenen Eeër geteckt, déi um Buedem louchen, dann huet een dat gewonnen. Mir probéieren dat erëm opliewen ze loossen, vun halwer 11 bis 11 op der Plaz virum Musée. All Kand kritt en Ouschteree a ka sei Gléck probéieren.

Och op der Éimaischen, direkt niewent onsem Stand, gëtt et fir ons kleng Frënn gratis Face-painting mam Valentina Becker, Member vum Comité Alstad.

Nomëttes géint 3 Auer ass e Concert mat der CITYBRASSBAND.

(Weider geet et mat onser Série « De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (10) » an den Alstad News 25)